



SÉANCE 40

JEUDI,
20 JUIN 2013

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydia Mutsch, Vice-Présidente

Sommaire

- 6489 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Fédérative du Brésil, signée à Luxembourg, le 22 juin 2012
 - Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale: Mme Claudia Dall'Agnol
 - Discussion générale: M. Fernand Kartheiser
 - M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6520 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Orientale de l'Uruguay, signée à Luxembourg, le 24 septembre 2012
 - Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale: Mme Claudia Dall'Agnol
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6473 - Projet de loi modifiant la loi du 15 décembre 2010 relative à la sécurité des jouets
 - Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire: M. Claude Haagen
 - Discussion générale: Mme Diane Adehm, M. Henri Kox, M. Fernand Kartheiser, M. Jean Colombero
 - M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Dépôt d'une motion par M. Félix Braz
 - M. Félix Braz
- 6489 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Fédérative du Brésil, signée à Luxembourg, le 22 juin 2012 (suite)
 - M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale
- Interpellation de M. André Bauler au sujet de l'évolution du secteur touristique au Luxembourg
 - Exposé: M. André Bauler
 - Débat: M. Lucien Clement, M. Ben Scheuer, M. Henri Kox, M. Fernand Kartheiser, M. Jean Colombero (Mme Françoise Hetto-Gaasch intervient)
 - Mme Françoise Hetto-Gaasch, Ministre des Classes moyennes et du Tourisme (M. Jean Colombero intervient)
- Motion de M. Félix Braz relative à l'invitation du Gouvernement à signifier au gouvernement turc l'attachement du Luxembourg au respect des droits de l'Homme et des libertés, de demander la libération de tous les manifestants pacifiques incarcérés et de s'engager sur la voie de la désescalade, du dialogue et de la réconciliation avec les manifestants
 - Discussion générale: M. Jean Colombero, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany
 - Vote sur la motion (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Françoise Hetto-Gaasch et M. Mars Di Bartolomeo, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.01 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen? Dat ass schwéier méiglech.

(Hilarité)

Den éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass de Projet de loi 6489, en Ofkommes mat Brasilien iwwert d'Sécurité sociale. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et huet kee Riedner sech bis elo ageschriwwen.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, d'Madame Claudia Dall'Agnol. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

1. 6489 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Fédérative du Brésil, signée à Luxembourg, le 22 juin 2012

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), rapportrice.- Merci fir d'Wuert, Här President. Ech gesinn, d'Regierung huet vollst Vertrauen an d'Chamber an an d'Rapportrice vun deemem Projet. A well dat de Fall ass, kéim ech dann och direkt zu deemem Projet de convention, dee mer an der Matière vun der Sécurité sociale

mat der Republik Brasilien, wéi de President scho richteg ugekënnegt huet, elo um Ordre du jour hunn.

Dëse Projet de loi gouf vun eisem Ausseminister, dem Jean Asselborn, de 17. Oktober 2012 déposéiert an an der Réunioun vum 28. Februar dëst Joer huet d'Gesondheets- a Sozialkommission mech als Rapportrice fir dëse Projet de loi bestëmmt. Dem Statsrot säin Avis, dee koun den 21. Dezember 2012, a mir hunn dunn den Avis vum Conseil d'État och an eiser Réunioun vum 28. Februar gekuckt. Nun, an eiser Réunioun vum 13. Juni dëst Joer ass och mäi schrëftleche Rapport unanime ugeholl ginn.

Wat ass awer elo den Objet vun deemem Projet de loi, deen, wéi gesot, eben eng Konventioun an der Matière vun der Sécurité sociale ass, déi Lëtzebuerg mat der Republik Brasilien ofschléisst? Ma dës Konventioun garantéiert all d'Rechter am Beräich vun der sozialer Sécherheet fir all Persounen, déi souwuel successiv wéi alternativ engem oder deem anere Regime vun deenen zwee Staten ënnerleien.

Si suivéiert dann am Generellen och déi Konventiounen, déi mer ëmmer maachen, bilateral Konventiounen, déi ofgeschloss ginn tëschent Lëtzebuerg an deenen eenzelne Staten also. D'Applikatioun dovun geet op déi eenzel Beräicher vun der Sécurité sociale an, an dat sinn dës Kéier dann d'Pension de vieillesse, d'invalidité et de survie, déi ebe vun deemem Projet de loi betraff sinn.

Déi aner Branchë vun der Sécurité sociale, déi sinn nëmme concernéiert mam But, ze determinéieren, wat fir eng Legislatioun applicabel ass. A ganz ausgeschloss sinn d'Assistance sociale an d'Prestatiounen un d'Krichsaffer. An dëser Konventioun sinn iwwregens all d'Leit mat kenger Distinction vun hirer Nationalitéit betraff.

Eng weider Info ass, datt d'Salariée vun enger Transportgesellschaft där Legislatioun ënnerleien, wou d'Firma hire Sëtz huet. An dat selwecht gëllt dann och fir d'Séileit an och d'Fonctionnaires, déi en extrae Regime hunn. Wat den Detachement ubelaangt, esou gesäit d'Konventioun vir, datt während zwee Joer den Travailleur kann detachéiert ginn a weider där Legislatioun ënnerläit, wou en normalerweis géif schaffen an och drënner falen. An dës Period kann da maximal ëm ee Joer verlängert ginn, awer och nëmmen dann, wa speziell Gegebenheeten dat géife verlaangen.

Fir eng kleng Info ze ginn: Dëst ass déi zweet Konventioun schonn, déi mer mat deemem Land, also mat Brasilien, ofschléissen. Déi éischt datéiert scho vun 1965. Dir kënnt lech virstellen: An där Zäit ass vill Waasser den Amazonas erofgelaf an dofir musse mer elo e puer Updatë maachen. An déi Updaten, déi stinn dann och an deemem Projet de loi dran.

Nach vläicht e puer Infoen zum Land, mat deem mer dës Konventioun ofschléissen an dat jo e gudde Krack méi grouss ass wéi eist. An zwar huet Brasilien ronn 197 Milliounen Awunner; dat muss ee sech eng Kéier op der Zong zergoe loossen. Et ass flächen- a bevölkerungsméisseg ëmmerhin dee fënneftgréisste Stat vun der Welt an d'Fläch vum Land hält och 47% vum südamerikanesche Kontinent an.

Brasilien huet dann awer och eng grouss Diaspora hei zu Lëtzebuerg, well net manner wéi 1.500 Leit si vun dëser Konventioun betraff.

Ech kommen dann direkt zrëck zum eigentlechen Objet vum Projet de loi...

► **M. le Président.**- Ech géif lech bieden, der Madame Rapportrice e bësse méi opmierksam nozelauschten. Merci.

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), rapportrice.- Merci, Här President. Well ech ginn hei ganz informativ Infoe weider. Dofir wier ech frou, wann Der géift opmierksam nolauschten.

(Hilarité)

An ech kommen dann och direkt erëm zrëck zum eigentlechen Objet vum Projet de loi an natierlech och zum Statsrot sengem Avis, deen en dozou ginn huet. En huet als eenzeg Remarque just dat gesot, wat en och schonn zum Projet de loi 6422 gesot hat, enger Konventioun, déi mer mat Frankräich am Januar dëst Joer gestëmmt hunn a wou ech och d'Chance hat, lech de Rapport dovun ze maachen.

De Statsrot ass averstanen, datt d'Ausféierungsbestëmmunge vun der Konventioun kënnen iwwer administrativ Arrangementer geregelt ginn, soulaang déi dann och am Mémorial publizéiert ginn. D'Kommission huet dann och, wéi ech schonn am Ufank sot, den Avis vum Statsrot gekuckt, huet dunn och mäi schrëftleche Rapport diskutéiert an deen och unanime akzeptéiert. An ech géif dann och elo d'Plénière bieden, dëse Projet de loi och unanime ze stëmmen.

Fir d'LSAP ginn ech op alle Fall d'Zoustëmmung zu deemem Projet de loi. An ech soen lech, léif Kollegeinnen a Kollegen, an och dem Minister villmools Merci fir d'Nolauschten.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Den Här Kartheiser freet nach kuerz d'Wuert zu deemem Projet. Här Kartheiser.

Discussion générale

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Merci, Här President, an och Merci der Madame Dall'Agnol fir hire gudde Rapport. Ech wollt just vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir den Här Minister ze froen, wou mer dru si mat de Konventiounen ähnlecher Natur mat den Nofolgestate vun der fréierer Sowjetunioun. Do gëtt et jo och eng ganz Rei Problemer a grouss Communautéiten, an ech wollt den Här Minister froen, eis do vläicht och driwwer ze informéieren.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. An d'Wuert kritt dann direkt den zoustännege Minister.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Ministre de la Sécurité sociale.- Merci, Här President. Ech soen der Chamber Merci fir hir schnell a gutt Aarbecht. An den Här Kartheiser wäert ech perséinlech doriwwer informéieren, wou déi eenzel Négociatiounen dru sinn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun. A mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6489 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6489 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par Mme Nancy Arendt), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Jean-Paul Schaaf), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

M. Jean Colombero;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6520, engem Ofkommes mat Uruguay och nach eng Kéier iwwert d'Sécurité sociale. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht an et huet sech kee weidere Riedner ageschriwwen.

Dofir kritt d'Wuert elo d'Rapportrice vum Projet de loi, d'Madame Claudia Dall'Agnol. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

2. 6520 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Orientale de l'Uruguay, signée à Luxembourg, le 24 septembre 2012

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), rapportrice.- Merci, Här President. Dir gesitt, Dir gitt mech haut de Mëtteg net esou schnell lass; ech ginn net esou séier op. A mir kéimen dann zum nächste Projet de loi op eisem Ordre du jour, nämlech erëm enger Konventioun an der Matière vun der Sécurité sociale, an zwar dës Kéier mat der Republik Uruguay.

De Projet, dee gouf och vun eisem Ausseminister, dem Jean Asselborn, den 3. Januar dëst Joer déposéiert. An an der Réunioun vum 28. Februar dëst Joer huet dann och d'Gesondheets- a-Sécurité-sociales-Kommission mech als Rapportrice fir dëse Projet bestëmmt. Dem Statsrot säin Avis dozou koun de 26. Februar a mir hunn dann och gläich dësen Avis an eiser Réunioun vum 28. Februar gekuckt. An der Réunioun vum 13. Juni dëst Joer ass mäi schrëftleche Rapport dunn och unanime ugeholl ginn.

Op den Objet vun deemem Projet de loi wëll ech elo net méi weider am Detail agoen. Dës Konventioun am Beräich vun der Sécurité sociale tëschent Lëtzebuerg an der Republik Uruguay follegt am grouse Ganzen erëm deem selwechte Schema wéi déi Konventiounen, déi mer schonn ofgeschloss hunn, respektiv wéi déi Konventioun mat Brasilien, déi mer elo grad och gestëmmt hunn. An, wéi gesot, et ass eng Konventioun wéi all déi aner bilateral Konventiounen, déi Lëtzebuerg mat anere Länner ofschléisst.

Vläicht nach e puer Informatiounen erëm zum Land, mat deem mer dës Konventioun of-